

	27^e séance	Présidence
	Mercredi 20 décembre 2000	M. Jean Spautz, Président

Ordre du jour

1. Communication
2. Projet de loi 4686 sur l'affectation de l'excédent des recettes de l'exercice budgétaire 1999 (*Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
3. Projet de loi 4611 portant transposition de la directive 98/26/CE concernant le caractère définitif du règlement dans les systèmes de paiement et de règlement des opérations sur titres dans la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier et complétant la loi du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier (*Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
4. Projet de loi 4719 portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie de 1999 (*Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motions*)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Michel Wolter, Luc Frieden, Henri Grethen et Carlo Wagner, Ministres.

(Début de la séance publique à 9.03 heures)

M. le Président.- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

1. Communication

Ech hu folgend Kommunikatioun un d'Chamber ze maachen: An hirem Bréif vum 19. Dezember 2000 huet d'Mme Lydie Err matgedeelt, datt si d'Regierung iwwert d'Union libre interpelléiere wëllt.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4486 iwwert d'Affectatioun vum Iwwerschoss vum Haushaltsjoer 1999. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Bodry, Rippinger, Gibéryen, Bausch a Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet, den honorablen Här Lucien Weiler.

2. Projet de loi 4686 sur l'affectation de l'excédent des recettes de l'exercice budgétaire 1999

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Weiler (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet kéint een eigentlech soen: Was lange währt, wird endlich gut.

Mir hunn an deene vergaangene Joren dacks hei an och an aneren Enceintë gestriden iwwert d'Aart a Weis, wéi ee sollt ëmgoe mat deene sougenannte Plus-valuen, déi normalerweis - an ech muss soen, iwwert déi lescht 20 Joer war dat praktesch ëmmer de Fall - bruecht ginn. Mir hunn eng Traditioun gehat an deem Sënn, dass d'Regierung an d'Finanzkommissioun komm ass an hir virgestallt a proposéiert huet, wéi se géif gedenken, d'Plus-valuen ze affektéieren.

Dono hu mer évoluéiert an eng Debatt hei an der Chamber gefouert. Mir hunn eng Motioun gestëmmt, wou mer der Regierung eisen Accord ginn hunn zu deene Propositionen, déi se gemaach huet. D'Diskussioun ass awer weider gaangen, an d'Fro huet sech gestallt, ob et net méi richtig wär, wann d'Parlament och iwwert de Wee vun engem Gesetz géif säin Accord ginn, well et sech schlussendlech - an dat ass speziell an deene leschte Joren de Fall gewiescht - bei den Excédents ëm ganz héich Betrag gehandelt huet.

Mir wëssen, dass den Artikel 104 vun der Verfassung virgesäit, dass d'Recetten an d'Dépenses an de Budget ageschriwwen ginn. Or, et ass evident - an dat wësse mer och alleguer -, dass selbstverständlech de Budgetsminister net kann op de leschte Frang ausrechnen a prognostizéieren, wat dann elo d'Recetten an d'Dépense sinn. Vu dass mer och - wéinstens déi vergaange Regierungen ëmmer - bei der Aschätzung vun de Recetten ëmmer eng gewësse Virsicht walte gelooss hunn, ass et zu deenen Excédents komm, déi mer kennen, déi u sech mat deem

Terme „véridicité budgétaire“ elo net méi ganz an Aklang stoungen.

Deementspriedend, mengen ech, wär et scho richtig, dass mer dee Wee beschratt hunn, dee mer elo gaange sinn. Obschonn: Wann ee gesäit, wéi d'Aschätzung vun de Recettë gemaach gëtt, déi Virsicht, vun där ech geschwat hunn, déi an deene vergaangene Joren ëmmer hei virgeherrscht huet, huet d'Regierung dat dëst Joer jo e wéineg opginn, an deem Sënn dass se méi hardi virgaangen ass bei der Aschätzung, virun allem bei de Steiereinnahmen, wat eis awer zur selwechter Zäit schonn erëm direkt e Fanger abruecht huet vum Conseil d'Etat, dee gesot huet: Dat ass schéin a gutt; op Grond vun deene Kritären an Elementer, déi Der hutt, kënnt Der dat do fir dëst Joer maachen, mä Dir musst awer oppassen, dass mer eis net iergendwann verschätzen, well et kéint jo och emol eng Kéier d'Situatioun kommen, dass mer bei där Aschätzung vun de Recettë géifen zevill héich leien, an dat wär selbstverständlech och net agréabel.

Wann een elo kuckt, wat d'gesetzlech Basis ass, da gëtt d'Kontabilitéitsgesetz dem Budgetsminister d'Kompetenz, fir déi Affectatioun vun de Plus-valuen ze maachen. An deem Sënn, kéint een u sech soen, wär de Vote vun engem spezifesch Gesetz iwwert déi Affectatioun superfétatoire, well mir hunn eng gesetzlech Basis, op Grond vun där d'Affectatioun ka virgeholl ginn. Et bleift awer, dass, wann et sech ëm Betrag handelt, wéi speziell och an dësem Fall fir d'Joer 1999, wou et ëm 17,5 Milliarde geet, et normal ass, datt d'Chamber do de plus près associéiert gëtt un déi Affectatioun. Ech mengen, dee Projet de loi, deen de Budgetsminister, den Här Frieden, den 11. Juli hei déposéiert huet, ass u sech „l'expression démocratique la plus avancée“, déi ee ka maachen, fir d'Affectatioun virzehuelen.

Mir waren eis ëmmer eens, Här President, mengen ech, hei an der Chamber an och an der Finanzkommissioun, dass een d'Plus-valuen, déi generéiert ginn, net sollt an de Konsum stiechen, mä dass se sollten an Zukunftsinvestissementer fir d'Land investéiert ginn. Deementspriedend och d'Propositioune vun der Regierung, fir déi 17,5 Milliarde exklusiv an d'Fongen ze stiechen. Dat ass, mengen ech, gedeelt vun alle Säiten heibannen.

Wann ee sech ukuckt, am Exposé des motifs vun der Regierung, wou déi 17,5 Milliarde Plus-valuë fir d'Joer 1999 hierkommen, da gesäit een, datt deen allgréissten Deel oder den Hauptposten op d'TVA entfällt, wou 5,9 Milliarde méi erakomm sinn; bei der Taxe d'abonnement bal 4 Milliarde a bei de Steiere bal 3 Milliarde. Dann hu mer 2,7 Milliarde kritt aus de Recettë vun der Union économique belgo-luxembourgeoise, an e puer méi kleng Posten.

Op där anerer Säit, wat d'Dépenses ubelaangt, gesäit een och, dass an deene leschte Joren d'Regierung d'Ausgabe relativ strikt am Grëff hat, an deem Sënn dass sech d'Dépenses, sou wéi se virgesi waren an effektiv herno ausgesinn hunn, net méi wéi ëm en halwe Prozent vun der ganzer Masse budgétaire beweegt hunn, wat u sech seet, dass eng strikt Disziplin an der Ausgabepolitik vun der Regierung geherrscht huet.

Wann een elo kuckt, wéi d'Propositioune si vun der Regierung fir déi Affectatioun vun deene 17,5 Milliarde, da gesäit een, dass selbstverständlech déi Fongen, déi am Ministère des Travaux publics ugesiedelt sinn, e ganz groussen Deel heivunner kréien: de Fong fir d'Investissements administratifs 2,5 Milliarde, de Fonds des routes 3 Milliarde, de Fong fir d'Schoulgebaier 1,5 Milliarde. Dat dréckt de Wonsch an och de Wellen aus vun der Regierung, fir fir all déi Projeten, déi mer eis virgeholl an zum Deel schonn duerch Gesetzer gestëmmt hunn, zum Deel awer och eréischt an den Intentiounen sinn an am Programme pluriannuel vun den Investissementer vun der Regierung virgesi sinn, déi noutwendeg Kreditter zur Verfügung ze stellen.

Mir hunn de Fonds du rail selbstverständlech, dee muss suplementar dotéiert ginn. Wann een de Programme pluriannuel vum Fonds du rail gesäit, dann ass dat eng normal Saach. Et sinn och déi Fonge vun der Loi de garantie a vum Service de la dette, déi provisionnéiert ginn en vue vun deene Remboursementen, déi op Grond vum Garantiesgesetz an den Emprunte vum Stat musse rembourséiert ginn, an deementspriedend mussen och d'Fongen dotéiert ginn.

Déi Propositionen, déi d'Regierung hei gemaach huet, hunn den Accord vun der Majoritéit vun der Finanzkommissioun fonnt. Et sinn an där Kommissioun awer och aner Propositionen gemaach ginn. D'Kollege vun deene Gréngen hunn zum Beispill gesot, dass si net géife mengen, datt de Fonds des routes misst weider gespeist an och nach esou kräfteg gespeist ginn.

D'Kollege vum ADR haten aner Propositionen an hunn zum Beispill e Fong fir Pensiounen suggeréiert. Wann een awer hei d'Dotatiounen nei virhëlt oder nei Fongen nach schafe geet, da muss een natierlech op där anerer Säit gesinn, dass een dann aus deene Fongen, sou wéi se elo dotéiert ginn, selbstverständlech Gelder muss eraushuelen. Da muss een och soen, wou een dann net wëllt dotéieren, wann een op enger anerer Plaz wëllt méi dotéieren.

Wéi gesot, dat hei si Propositionen; et hätt ee sech och anerer kënne virstellen. De Conseil d'Etat mécht zum Beispill déi Remarque, datt bei enger Rei vu Fongen déi Dotatiounen, déi Gelder, déi elo an de Fonge sinn, net duerginn, fir all déi Investissementer ze

maachen, déi am Programme pluriannuel bis 2003 virgesi sinn, a seet, dass een deementspriedend awer muss oppassen, datt déi noutwendeg Gelder do dra kommen, well eben déi Projeten alleguer sief et en voie de réalisation scho sinn, sief et sollen entaméiert ginn.

Ech mengen, mir sinn elo am Joer 2000. Et bleift Zäit, bei der Affectatioun, an ech denken, fir dëst Joer minimum, fir d'Budgetsjoer 2000, dass mer do nach eng Kéier mat substantielle Plus-valuë kënnen rechnen an deementspriedend d'Regierung ganz sécher deem Rechnung droe wäert, dass déi Fongen, déi riskéieren, déficitaire kënnen ze ginn am Laf vun deenen nächsten zwee oder dräi Joer, bei der Affectatioun vun de Plus-valuë vun dësem Joer wäerten da supplementar dotéiert ginn.

Voilà, Här President, dat sinn e puer Remarquen zu dësem Projet. Wéi gesot, et hätt een och kënnen aner Affectatiounen maachen. D'Regierung huet de Choix fir dës getraff. Mir kënnen déi heiten deelen; et hätt een och anerer kënnen deelen. Ech mengen, et huet ee plus ou moins, wann ech dat kucken, eng équilibréiert Opdeelung hei an déi eenzel Fonge vun deene 17,5 Milliarden, déi mer glécklecherweis fir d'Joer 1999 haten.

Deementspriedend proposéiert d'Finanzkommissioun der Chamber, de Projet ze stëmmen, sou wéi mir e proposéiert hunn, mat enger lichter Modificatioun par rapport zum Projet vun der Regierung, wou proposéiert gi war, de Fonds pour la gestion de l'eau mat enger halwer Milliard supplementar ze dotéieren. Or, dëse Fong huet jo 1999 nach net bestanen. Deementspriedend hu mer iwwert de Wee vun engem Amendement dës Gelder an de Fonds pour l'environnement gesat, an iwwert de Wee vum Budgetgesetz, wat mer gëschter gestëmmt hunn, gëtt en Transfert gemaach vun dësem Fong an de Fonds pour la gestion de l'eau.

Voilà, Här President, dat waren déi Remarquen, déi ech als Rapporteur zu dësem Projet wollt maachen. D'Kommissioun propositéiert lech also, de Projet de loi esou ze stëmmen, wéi en am Rapport vun der Finanzkommissioun festgehalten ass.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Alex Bodry ageschriwwen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Gesetzesprojet handelt et sech ëm eng Neierung an der Form, wat d'Diskussioun iwwert d'Affectatioun vun den Einnahmewäerscheß vum Stat ugeet.

Et geet net nëmmen hei ëm eng Debatt mat enger Motioun, wéi dat an der Vergaangenheet emol de Fall

war, mä ëm e Gesetzesprojet, iwwert deen déi Affectatioun vun de Mehreinnahme fir d'Budgetsjoer 1999 virgeholl gëtt.

Domat beweegt sech d'Regierung eigentlech am Kader vun enger Motioun, déi nach vun der viregter Chamber mat de Stëmme vun der deemoleger Majoritéit gestëmmt ginn ass, déi gefrot huet, dass alljäerlech soll eng öffentlech Debatt an der Chamber stattfannen iwwert d'Affectatioun vun de Plus-valuen, a se beweegt sech och am Kader vum Koalitiounsofkommes vun dëser Majoritéit, wou dee Prinzip do och festgehalen ginn ass mat dem Ausbléck, eventuell iwwer eng sougenannte Procédure législative simplifiée d'Affectatioun vun de Plus-valuë virzehuelen.

D'Regierung war net bereet, op de Wee vun engem Budget rectifié ze goen, e Budget rectifié, wat d'Forderung war vun der Demokratescher Partei, déi och nach bei deene leschten Debatten zu deem dote Sujet am Dezember 1998 eng Motioun an deem Sënn abruecht hat, wou den Här Grethen am Numm vu senger Partei drop insistéiert hat, dass onbedéngt misst de Wee vun engem Budget rectifié geholl ginn, ähnlech wéi dat bei de Gemengen de Fall ass. D'DP konnt sech op deem Punkt an der Koalitioun net duerchsetzen, a mir bewegen eis also an der Linn vun deem, wat och an der viregter Legislaturperiod hei vun der Chamber gewënscht war.

Dat gesot, werft déi heite Prozedur awer ganz vill Froen op, Froen, déi onbeäntwert sinn, a kritesch Froen, déi eis Fraktioun derzou bewegen, net hiren Accord zu dësem Gesetzesprojet ze ginn. Ech wëll virausschécken, dass d'Regierung higaangen ass an - dat schéngt jo vun der Majoritéit och dann ënnerstëtzt ze ginn - e ganz restriktive Kader gesat huet, wat den Inhalt vun deem Gesetzesprojet do ugeet. Se huet gesot: Nëmmen affektéiert ginn emol a priori d'Investitiounsfongen.

Et muss ee sech d'Fro stellen, ob dat richteg ass, well mer wëssen, dass net nëmmen Investitiounsfongen eigentlech Investissementskreditter beinhalten, mä vill Kreditter am fréieren ausseruerdentleche Budget an haut an den Dépenses en capital dra stinn, déi eigentlech vun der Natur hier déiselwecht Form vun Investissementskreditter duerstelle wéi an de Fonge selwer. Just d'Form ass eng aner, an d'Regel, no deene se funktionnéieren, ass eng aner. Ech gi Beispiller.

Mir hunn a ville Beräicher Fënnfjorespläng, déi Investissementer iwwer eng Period vu fënnf Joer festleeën an eenzelne Beräicher; am Tourismus, am Sport, an der Défense, an der Kultur. Firwat geet een dohinner a seet a priori: Neen, mir investéieren d'Plus-valuen nëmmen an Investitiounsfongen. Firwat mécht een net déi Ouverture an et seet een, Investissementer, wou Engpäss sinn, ginn zum Deel och iwwer aner Kreditter

geregelt, also loosse mer iwwert deen dote Wee och eng zousätzlech Affectatioun méiglech maachen.

D'Gemengepolitiker heibanne wëssen, dass et eng ganz Partie Beräicher gëtt, wou de Subventionnement vum Stat zwar engagéiert ass, wou e formellen Engagement vum Stat virläit, wou awer d'Bezuelen, de Respekt vun deem Engagement, iwwer laang, laang Joren net agehale gëtt, well einfach déi néideg Méttelen an deene spezielle Kreditter am Budget feelen, fir kënne déi Engagementer och an engem acceptablen Délai ze respektéieren.

An eisen Aen ass dee Kader, deen elo hei gestart gëtt vun der Regierung, ze enk, an et misst een onbedéngt am nächste Joer do eng gewëssen Oplockerung maache vun deenen dote Regeln an net ausschliesslech d'Affectatioun zu 100 % beschränken op Fongen. Dass d'Fonge selbstverständlech sollen d'Regel sinn, wou d'Affectatioun higeet, do besteet keng Divergenz, mä et sollt een eng Ouverture an där doten Hinsicht maachen, well et nach vill aner Investissementskreditter gëtt beim Stat, wou eigentlech eng zousätzlech Dotatioun misst méiglech sinn iwwert deen heite Wee, wou oft méi grouss Engpäss si wéi an eenzelne Fongen, déi mer herno wäerte gesinn, wa mer déi Fongen am Detail duerchhuelen.

Ech fannen et also net gutt, dass grouss Deeler vum Ausgabebudget eigentlech ausgeklammert bleiwen duerch déi Prémisse, déi d'Regierung bei deem Gesetzesprojet ageschriwwen huet.

Ze bedauern ass och, dass den Dépôt vun deem Projet relativ spéit stattfënnt. Ech erënneren un d'Motioun, déi d'Chamber am Dezember 1998 gestëmmt huet, wou se ganz kloer gesot huet, dass deen Débat annuel iwwert d'Affectatioun vun de Plus-valuë sollt am zweeten Trimester vum Joer stattfannen. Mir sinn elo net am zweeten Trimester, mä mir sinn am véierten Trimester vum Joer 2000, an et ass e bëssen eng kokass Situatioun, dass mer elo praktesch an dräi Méint déi Zuelen hu vun de Plus-valuë vum Exercice 2000, wou jo héchstwahrscheinlech mat gutt 20 Milliarden ze rechnen ass, esou dass eisen Exercice hei elo e bëssen dépasséiert riskéiert ze si vun den Événementen, wann ee weess, dass e puer Méint drop zousätzlech Affectatiounen fir sämtlech Fonge kënne kommen. An egal wéi mer hei d'Prioritéite setzen, eigentlech ass dat Ganzt schonn a Fro gestallt duerch dat, wat an dräi Méint vun Zuele wäert um Dësch leien.

Et ass also och wichteg, dass een den Zäitpunkt genau festsetzt. Et ass natierlech esou: Wann den Dépôt eréischt am Juli gemaach gëtt, ass et net méiglech, virum Hierscht hei an der Chamber iwwert d'Affectatioun vun deene Plus-valuen ze diskutéieren. Et ass also ganz wichteg, dass bei de Plus-valuë vum Exercice 2000 d'Regierung op en anere Wee geet an déi

Motioun, déi déi viregt Chamber gestëmmt huet, och respektéiert, wat den Zäitpunkt vum Dépôt vum Projet de loi ugeet. Zumools well mer jo iwwert d'Reform vum Comptabilitéitsgesetz och elo net méi esou laang an dat nächst Joer eraginn, fir den Ofschloss ze maachen, ass et also méiglech, och materiell gesinn, fir parfaitement deen Zäitplang, deen déi viregt Chamber uginn hat, ze respektéieren.

Wat e bësse méi e lëschtigen Intermezzo an där ganzer Diskussioun ass, dat ass, dass drolegerweis de Virschlag, fir hei esou ze fueren, dës Kéier e Schrëtt méi wäit ze goen an iwwer e Projet de loi d'Affectatioun vun de Plus-valuen ze maachen, eigentlech méi wäit geet wéi dat, wat d'Demokratesch Partei an den DP-Budgetsrapporteur an der Finanzkommissioun gewollt hunn.

Et geet aus dem Rapport vun der Finanzkommissioun ervir, dass den DP-Budgetsrapporteur d'accord wier, fir mat enger Motioun an enger Debatt ze fueren, an et ass an der Diskussioun an der Finanzkommissioun, och op Drock hi vun anere Parteien, och mam Accord vum Finanzminister, schlussendlech décidéiert ginn, dass soll e Projet de loi deponéiert ginn. Ech muss soen, do war d'DP net ganz ambitiéis an hire Fuerderungen, well se sech eigentlech wollt mat relativ wéineg ofspeise loosse. Mir sinn awer frou, dass mer zumindest e kleng Schrëtt weiderkomm sinn, wat d'Matabezéie vun der Chamber an déi ganz Diskussioun ugeet, och wann nach ganz vill Kritikpunkten opbleiwen.

Ech wëll dann och op déi Kritikpunkten agoen, déi eigentlech d'Haltung vun eiser Fraktioun an där heite Fro bestëmmen.

Déi éischt Haaptkritik, déi ee muss maachen, ass, dass dee Gesetzesprojet hei an der Loft hänkt. En ass net mat agebett an d'Gesetz iwwert d'Statscomptabilitéit. Dat bréngt eis zu där ganz kokasser Situatioun, dass mer eigentlech, wat d'Affectatioun vun de Plus-valuen ubelaangt, zwou parallell Prozeduren hunn.

Mir hunn d'Comptabilitéitsgesetz vum Stat, datt no der Interpretatioun vun de Regierungen de Budgetsminister zoustänneg ass fir d'Affectatioun vun de Mehreinnahmen, doduerch well dat hei als Dépassement vu Kreditter ugesi gëtt an hien dann dofir zoustänneg ass, fir d'Affectatioun ze maachen.

Fir deeselwechten Exercice hu mer elo e Projet de loi virleien, deen d'Affectatioun vun de Plus-valuë virgesäit.

Mir hunn also zwou parallell gesetzlech Prozeduren fir ee Joer. Dat ass net gutt. Dat bréngt juristesche Onstëmmegkeeten mat sech, an et wier dofir ubruecht - an dat ass eng Fuerderung, déi mir als sozialistesche Fraktioun erabréngen -, dass mer d'Comptabilitéitsgesetz vum Stat deementspreechend ëmänneren an déi Affectatioun vun de Plus-valuen iwwert d'Loi

spéciale an d'Gesetz iwwert d'Statscomptabilitéit mat aschreiwen. Dann ass juristesche Kloeerheet dran, an dann ass d'Regierung och obligéiert, fir all Joer dat do ze maachen.

Momentan si mer an der Situatioun, dass d'Parlament eigentlech ofhängeg ass vum Bon-vouloir vun der Exekutiv, déi kann oder och net der Chamber e Projet de loi iwwert d'Affectatioun vun de Plus-valuë virleeën. Et wier vill méi richteg, wann een déi dote Prozedur géif an eis Gesetzgebung iwwert d'Statscomptabilitéit aschreiwen. Da wier et kloer, wann de politesche Wëllen do ass, fir dat all Joer ze maachen. Da gesinn ech och net an, wat déi grouss Barrière waren, fir deen dote Schrëtt ze maachen an eis allgemeng Gesetzgebung iwwert d'Statscomptabilitéit an deem dote Sënn ze complétéieren. Da géife mer Kloeerheet an deem dote Beräich kréien, an da wier ee fir allemol och festgeschriwwen, dass d'Chamber d'Recht huet, fir matzebestëmmen, an net eigentlech ofhängeg ass vun der Laun vun deene jeeweilege Regierungen, fir dat do ze maachen.

Dat ass also déi éischt Fuerderung, déi mir als sozialistesche Partei stellen, wat d'Virgehensweis bei der Affectatioun vun de Mehreinnahmen vum Stat ugeet. Mir kënnen net acceptéieren, datt déi heite Prozedur an der Loft hängkt.

En zweete Kritikpunkt, dee mer formuléieren, ass deen, deen ech uganks schonn ugedeit hunn. Dat ass déi absolut Begrenzung vun den Affectatiounen op déi grouss Investitiounsfonteg vum Stat, wat selbstverständlech d'Regel soll sinn, mä dat soll keng Exklusiv sinn zu 100 %. Et muss och méiglech sinn, driwwer kënnen ze diskutéieren, wa sech Finanzéierungsdefizitter an anere Beräicher erausstellen. An den Dépenses en capital muss et méiglech sinn, déi dote Kreditter och zousätzlech ze dotéieren iwwert d'Mehreinnahmen, déi de Stat kritt huet.

Net esou séier formal Kritäre missten den Ausschlag gi bei der Affectatioun vun de Mehreinnahmen, mä et misst eigentlech d'Ausrichtung vun de Kreditter den Haaptkritär sinn, fir déi doten Affectatioun virzehuelen.

En drëtten Kritikpunkt ass een, deen esouwuel vum Conseil d'Etat wéi och drolegerweis vun der Finanzkommissioun selwer iwwerholl ginn ass, ouni dass d'Finanzkommissioun an hirer Majoritéit allerdéngs d'Konklusiounen doraus gezunn hätt. Dat ass d'Logik, no där d'Speisung vun deenen eenzelnen Investitiounsfonteg virgeholl gouf.

Mir hunn et hei onverständlecherweis mat enger Vermeschung vu politeschen a finanztechnesche Kritären ze di bei der Affectatioun vun deenen eenzelne Fongen. D'sozialistesche Fraktioun ënnerstëtzt do nodréiglech d'Argumentatioun, déi de Statsrot a sengem Avis zu dësem Projet de loi opgeworf huet.

Ech zitéieren aus dem Avis vum Statsrot vum 3. Oktober 2000:

„D'après la déclaration gouvernementale les dotations en fin d'exercice doivent subvenir aux besoins financiers actuels et futurs des différents fonds. Aussi l'exposé des motifs présente-t-il l'évolution des différents fonds d'investissement sur la période 1998 à 2003. A défaut de plus amples explications quant aux critères ayant régi la répartition, le Conseil d'Etat s'interroge pourquoi le Gouvernement ne s'est pas fixé comme objectif de mettre les différents fonds en équilibre à l'horizon 2003. On remarque en effet que compte tenu des alimentations normales envisagées pour les exercices futurs et du programme arrêté certains fonds seront à cette date largement déficitaires alors que d'autres par contre seront excédentaires.“

Dat ass, mengen ech, eng ganz kräfteg Kritik un der Virgehensweis vun der Regierung. De Conseil d'Etat vermësst eigentlech eng Logik an der Affectatioun vun deene Kreditter, respektiv entdeckt e Widdersproch an den Aussoe vun der Regierung par rapport zu deem, wat se hei proposéiert. An och do wëll ech en anert Zitat uféieren. Dat ass dat aus enger Sëtzung vun der Finanz- a Budgetskommissioun vum 24. Mee 2000, wou de Budgetminister zitéiert gëtt, dee Folgendes zu der Logik vun der Affectatioun vun de Plus-valuë gesot huet: „M. le Ministre tient à préciser d'emblée que l'affectation des plus-values en faveur des différents fonds n'est pas la conséquence d'une discussion sur l'importance relative à accorder aux travaux des différents fonds, voire la conséquence de la fixation de nouvelles priorités, mais uniquement le résultat d'une discussion purement financière.“

Wat stelle mer fest, wa mer elo déi eenzel Fonge kucken, an d'Affectatiounen, déi proposéiert ginn? Mir stelle fest, dass déi Logik do net respektéiert ginn ass, well wann déi Logik respektéiert gi wär, da kéint et net sinn, dass um Horizont 2004 eenzel Fonge largement excédentaires wiere mat den Dotatiounen, déi och nach zousätzlech Dotatiounen vun der Regierung kréien, an aner Fonge largement déficitaires waren an deemselwechten Zäitraum.

Am Widdersproch zu den Aussoe vum Minister dann d'Aussoen, déi d'Finanzkommissioun an deem dote Punkt gemaach huet, déi ganz kloer seet, dass déi heiten Opdeelung op déi eenzel Fonge sech un zwee Facteuren inspiréiert, net no deem eenzege Facteur, deen de Minister genannt huet, d'finanztechnesche Facteuren, mä d'Finanzkommissioun ass zur Konklusioun komm, dass zwee Facteuren déi Affectatioun do inspiréiert hunn: op där enger Säit de Besoin de financement vun deenen eenzelne Fongen, mä op där anerer Säit och „les priorités politiques de l'actuel Gouvernement“. Dat war grad eppes, wat de Minister an der Finanzkommissioun niéiert huet.

Et ass also eng Vermeschung vun zwee Kritären, déi hei gemaach ginn ass, an d'Majoritéit vun der Finanzkommissioun ass am Widdersproch, an hirer Analys, zu deem, wat de Minister an der Finanzkommissioun gesot huet.

Mä dass och d'Majoritéit den Hic an där Argumentatioun do erkannt huet, beweist se doduerch, dass se an hirem schréftleche Rapport festhält: „La Commission des Finances et du Budget demande au Gouvernement de veiller à ce que les excédents des recettes de l'exercice 2000 et des exercices suivants soient entre autres affectés aux fonds risquant de se trouver déficitaires à l'horizon 2003 afin d'éviter cette situation.“

Anstatt der Regierung de Fanger ze maachen an ze soen, wat se soll d'nächst Joer an déi Joren drop maachen, hätt et der Majoritéit besser zu Gesicht gestanen, wa se direkt eng Réaffectatioun proposéiert hätt no deene Kritären, déi se selwer hei ugëtt, dat heescht dofir ze suergen, dass déi eenzel Fongen am Équilibre bleiwen an do net eng ongläich Situatioun entsteet, wat d'Dotatioun vun deenen eenzelnen Investitiounsfongen ugeet.

Dat heescht, d'Majoritéit huet schonn d'Schwierigkeiten erkannt, se huet d'Kritik vum Conseil d'Etat acceptéiert, mä se applizéiert se drolegerweis net op deen heite Projet a seet: Passt wann ech glift an Zukunft drop op, dass dat besser geet!

Dat ass vläicht d'Spill vun der Majoritéit par rapport zur Regierung, mä Dir kënnt awer och eis Iwwerleeunge verstoen, dass mir dat dote Spill net bereet si matzemaachen. Mir deelen also déi Kritik, déi de Conseil d'Etat gemaach huet, vun där onduerchsichtiger Logik, déi eigentlech an der Affectatioun vun de Fongen dran ass, wou eng Vermeschung gemaach gëtt vu politesche Prioritéiten op där enger Säit a finanztechneschen Iwwerleeungen op där anerer Säit.

Dee véierte Kritikpunkt, dee mer hunn - an dat mécht och an deenen nächste Joren d'Diskussioun iwwert d'Affectatioun vun de Plus-valuen insgesamt net méi einfach -, ass de Wourechtsgehalt, deen déi Programmation pluriannuelle do huet. Awéiwäit entsprechen déi Zuelen, déi mer an deene flotten Tableaue vun der Regierung erëmfannen, wirklech dem reelle Coût an och dem reellen Timing vun der Ausféierung vun deenen eenzelne Projeten?

(Interruption)

Dat ass jo dee grouse Problem, deen hei besteet, wou mir der Meinung sinn, dass d'Regierung hir Hausaufgab net oder nëmmen ongenügend gemaach huet. D'Regierung ass net higaangen an huet elo am Hierscht eng komplett nei Bewäertung vun deenen eenzelnen Investitiounsprogrammer gemaach an deene spezifesch Beräicher vun der Interventioun vum Stat.

Et ass net genügend Rechnung gedroe ginn dem Fait, dass an de Joren 1999 an 2000 duerch déi wirtschaftlech Entwécklung, dem Boom am Bausecteur et zu enger ganz däitlecher Erhéijung vun de Gesteungskäschte komm ass beim Bau, deem elo Rechnung gedroe gëtt bei der Ausschaffung vun deenen neie Projeten, well elo de Meterkibbspräis zum Beispill vill méi héich agesat gëtt, wéi dat nach virun zwee Joer de Fall war bei deenen eenzelne Projeten. Mä dat spigelt sech net an der Programmation vun deenen eenzelne Fongen erëm. Déi eenzel Fonge ginn zu engem ganz groussen Deel, wann net ausschliesslech, nach aus vun deene gestëmmtene Projeten, deene Coûten, déi an de Projeten dra stoungen, an et gëtt nëmmen an ongenügender Weis eng nei Bewäertung vum reelle Coût gemaach.

Dat féiert dozou, dass mer wäit ewech wäerte si vun der Realitéit, wann een elo déi eenzel Fonge kuckt. Dann ass et natierlech ganz schwéier, wann ee weess, dass déi Tableaue, op deenen d'Affectatioun da soll opgebaut sinn, eigentlech déi reell Situatioun net erëmspigelten, dass d'Timingen net richtig sinn. Zum Beispill ass et farfalu, e Projet, deen effektiv an dräi Joer fäerdeg ass, ze bezuelen iwwer fénnef, sechs Joer, nëmme fir dass d'Tableaue opginn. Wann esou Saache mat an deem Programm hei dra sinn, dann ass et natierlech kloer, dass d'Grundlag net zolidd genuch ass, fir wirklech kënnen, ech géif bal soen, no méi objektiven a wëssenschaftleche Kritären eng Affectatioun vun deenen eenzelne Plus-valuen ze maachen.

Et ass an eisen Aen onbedéngt erfuerderlech, dass net sou kleng Korrekture virgeholl ginn un deenen eenzelne Fongen, mä dass ee wirklech dohinner geet, op Grond vun der Entwécklung vun de Baupräisser, sief dat am Héichbau, sief dat och am Déifbau, an eng ganz zolidd Réévaluation vun deenen eenzelnen Ausgabe mécht, den Timing vun deenen eenzelne Projete kritesch hannerfreet an eng korrekt Andeelung iwwer Jore mécht, an net do einfach no Kritäre vu Gläichgewicht fiert an deenen eenzelne Joren, mä wirklech déi reell Situatioun versicht ze berücksichtigen, quitte dass een natierlech eng Rei vun Inconuen ni kann am Virfeld zu 100 % berücksichtigen; dat ass selbstverständlech.

Ech kéint och Beispiller ginn, wou mer elo scho wëssen, dass déi Zuelen, déi hei an de Fonge sinn, eigentlech falsch sinn. Ech denken do un de Spidolsplang; dat huet elo net nëmme mam Rehazenter ze dinn. Et sinn Aussoe gemaach gi vum zoustännege Gesondheetsminister an där zoustänneger Parlamentskommissioun, wou kloer gesot ginn ass: Déi Enveloppen, déi do an deem Finanzéierungsgesetz vun 1999 stinn, sinn net ze respektéieren, an entgéint deem, wat am Koalitiounsprogramm steet, wäerten déi vill méi deier kaschte wéi dat, wat am Gesetz dra steet a vun der Chamber gestëmmt ginn ass. Abée, et

fénnt een hei am Tableau natierlech déi al Zuelen erëm, déi schonn dépasséiert si laut Aussoen, déi e Regierungsmember virun enger Parlamentskommission gemaach huet.

Datselwecht kéint ee fir aner Projeten uféieren, wou entre-temps d'Regierung schonn nei Zuele selwer genannt huet an deene leschte Wochen, wou mer awer hei an den Tableaux nach ëmmer déi al Zuelen erëmfannen. Et ass also wichteg, dass déi Grondlag, op där eis Iwwerleeungen opbauen, richteg ass a mer de Wourechtsgesetz vum där pluriannueller Programmation erop schrauwen, fir dass ee wierklech kann en connaissance de cause déi Décisionen hei huelen als Chamber.

Et war eis also onméiglech, ënnert deenen dote Viraussetzungen, elo hei Virschléi ze maachen, déi iergendwéi géifen op enger fundéierter Grondlag baséieren, well einfach eis Donnéeën feelen, fir dat ze maachen. Wat just elo schonn ervirgeet, ass, dass eigentlech zwee Fongen haaptsächlech ënnerdotéiert sinn, wann een dat einfach mat deene Projekte vergläicht, déi d'Regierung selwer an hirer Programmation uginnt huet: Dat ass de Fonds d'investissements publics administratifs - dee weist nach fir Enn 2003 en Defizit vu 4,3 Milliarden op -, an et ass de Fonds d'investissements publics sanitaires et sociaux mat engem Defizit vun 2,8 Milliarden, deen deen nach ëmmer opweist mat där zousätzlecher Dotation, déi hei kënnt, sou dass eigentlech prioritär déi dote Fongen hätte misse méi staark dotéiert gi par rapport zu aneren, déi e relativ héijen Excédent an der Programmation vum der Regierung am Joer 2003 opweisen.

Et ass aus deenen doten Iwwerleeungen eraus, dass d'sozialistesche Fraktioun net kann dëse Projet stëmmen. Mir erkenne keng kloer Linn bei der Opdeelung vum de Plus-wäert op déi eenzel Fongen. Et ass eng Vermeschung vu verschiddene Kritären. Mir fannen, dass et net gutt ass, wéi och de Conseil d'Etat dat ervirgehuewen huet, dass eenzel Fongen opgestockt ginn, déi herno en héije Boni opweisen, an aner Fongen, déi en Defizit opweisen, net an deemselwechte Mooss berücksichtegt ginn. A mir sinn der Meinung, dass déi ganz pluriannuell Programmation vu Grond op misst duerchlicht ginn, fir dass mer kënnen op Grond vun zoliddene objektive Grundlagen eis Décisionen huelen.

Ënnert deenen Ëmstänn, Här President, wäert d'sozialistesche Fraktioun Neen zu deem heite Projet soen.

Merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger agedroen. Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir assistéieren hei eigentlech enger Première am Parlament, well mer fir d'alleréischte e Projet de loi hunn iwwert d'Affectatioun vum de Plus-wäert.

Wann ech esou ronderëm mech kucken, da rässt déi Neierung, déi mer hei am Parlament gemaach hunn, kee sou richteg vum Hocker. Ech wëll awer dem Fraktionspresident a Rapporteur Lucien Weiler villmools merci soe fir säin excellente Rapport, wat et mir erlaabt, ganz kuerz ze sinn.

Mäi Virriedner war an enger schwieleger Situatioun. Dat huet ee jo och gemierkt un deene Kritiken, wou e sech ausgelooht huet vis-à-vis vum Projet de loi an der Demokratescher Partei. Hie seet, eis Fuerderunge wäeren net ambitiéis genuch gewiescht, also wäere mer op ale Positiounen stoe bliwwen, an déi Positiounen wäere jo déi, déi déi viregt Regierung hat. Hie war Member vun der viregter Regierung an huet also eng phantastesch Kritik gemaach un deem, wat an deene leschten 10 Joer op dësem Gebitt, bei der Affectatioun vum de Plus-wäert, déi viregt Regierungen net gemaach hunn.

Wann ee bedenkt, dass do en Här Goebbels dra soutz, dee sech heiansdo royalement foutéiert huet, wat d'Parlament zu deene Saache gesot huet, deen awer ee vun deene Gestionnaire war, deen am meeschten déi grouss Fongen, d'Fonds d'investissements, géréiert huet, da muss ech soen: Déi Kritik, déi hei den Här Bodry ubruecht huet, ass awer ganz staark dévaluéiert duerch dat, wat en hei gesot huet.

Et ass jo awer nëmmen ënnert dem Drock vum der viregter Opposition, wou déi Motioun zustane komm ass, déi 1998 vun der gesamter Chamber gestëmmt ginn ass. Wat déi Kritik ugeet, déi den Här Bodry gemaach huet, dass ee scho misst am zweeten Trimester de Projet de loi era bréngen: Wat huet dann déi viregt Regierung, a besonnesch hien als Member vun der viregter Regierung, dru gehënnert, fir am zweeten Trimester 1999 schonn esou e Projet de loi eran ze bréngen, well d'zweet Trimester 1999 ass den 1. Abrëll ugaangen an d'Wale waren den 19. Juni.

Do war also och schonn d'Méiglechkeet, dass déi viregt Regierung dat alles hätt kënne maachen. Do gesitt Der, wéi relativ et ass, an dee Reproche, dee mir gemaach kréien, ass net justifizéiert, well den Här Bodry hätt grad sou gutt kënnen dem Här Grethen virun zwee Joer déi Ried do ginn; dat wär vläicht déiselwecht gewiescht. Dee Reproche, dee mir als Demokratesche Partei gemaach kréien, ass also op deem Plang net justifizéiert.

Ech wëll ganz kuerz sinn: D'DP huet an der Vergaangenheet - an dat ass och richteg - ëmmer kritiséiert, dass d'Recetten zevill ënnerschat gi sinn. Dat huet mäi Virriedner och schonn zejoer gesot an zougestanen

am Kader vun de Budgetsdebatten. Wat hu mer gefuerdert, wat ass dëst Joer als groussen Avantage mat dem Koalitionspartner, dee jo och déi Motioun ënnerschriwwen huet, geschitt?

D'Recettë si méi realistesch ageschat ginn. Dat ass bei dësem Budget 2001 geschitt, an dat huet och d'Zoustëmmung op alle Bänke fonnt. Domat krut och de Conseil d'Etat Satisfactioun. Den Här Bodry huet virdrun de Conseil d'Etat zitëiert. Ech zitëieren en och elo hei a sengem Avis zum Gesetz iwwert d'Plusvaluen: „Enfin le Conseil d'Etat rappelle sa position insistant sur une évaluation plus réaliste des recettes prévisibles dès la préparation du budget annuel.“ Dat heescht, do gëtt en der Majoritéit och Satisfecit, an en ass d'accord mat deem, wat do gemaach gëtt.

(Interruption)

Dat war also déi éischt Fuerderung: eng méi realistesch Aschätzung vun de Recetten. Eng zweet Fuerderung, déi och op déi Motioun zréck geet, ass, dass d'Affectatiounen vun de Plusvaluen dem Contrôle vum Parlement sollen ënnerleien. Dat maache mer, an dat hu mer gemaach. Et ass e Projet de loi do. Natierlech, mir hunn - an dat huet de Virriedner och gesot - ëmmer gefuerdert, datt mer sollte genau wéi bei de Gemengen e Budget rectifié maachen, mä mir sinn awer och iwwerzeegt gi vun deenen Argumenter, déi méttlerweil do um Dësch leien an och de Budgetminister zejoer gesot huet: Wann een e Budget rectifié mécht, riskéiert een, e Budget par tranches ze kréien. Dat ass eng aner Gefor. Dat verhënnert awer net, dass mir déi Fuerderunge gemaach hunn an zu deem Zäitpunkt och vun der Richtegkeet vun deene Fuerderungen iwwerzeegt waren.

(Interruptions)

Eis ass et gaangen ëm méi Demokratie, méi Matbestëmmung a méi Transparenz, an dat ass elo geschitt. Do kann ech dann nach eng Kéier de Conseil d'Etat a sengem Avis vum 3. Oktober 2000 zitëieren: „Quant à la forme, la voie choisie tient compte des observations formulées régulièrement par le Conseil d'Etat qui ne manquait pas de critiquer le fait que par une sous-estimation systématique des recettes prévisibles“ - dat riicht sech nach un déi Regierung, där den Här Bodry ugehéiert huet - „le Gouvernement soustrayait en fin de compte au contrôle parlementaire l'affectation d'une part importante des ressources budgétaires.“

Et gëtt vläicht eppes, wou mir mussen déi nächste Kéier mat dru schaffen, ouni awer elo missen onbedéngt déi Geschicht vum zweeten Trimester, wéi et an där Motioun steet, anzehalen, an zwar kéint een et vläicht e bëssche méi schnell maachen, wat d'Affectatiounen vun de Plusvaluen an d'Gesetz ubelaangt. Mä ech mengen, dat hei ass eng Première, et ass fir d'éischt, wou mer et maachen, an do kënnt et net sou op den Zäitpunkt un, mä op de Prinzip, datt mer et

maachen an et och gemaach hunn. Et wär vläicht normal, dass mer d'nächst Joer géife kucken, fir dat éischter ze realiséieren.

Domat sinn ech absolut d'accord. Dat ass awer keng Kritik, mä éischter eng Suggestioun. Et muss een iwwregens och feststellen, dass et 1999 zu ganz weinegen Dépassements de crédits komm ass. Et ware ganz oft extern Grënn, déi déi verschidden Dépassementer mat sech bruecht hunn, wéi zum Beispill den Accueil vun de Réfugiéen oder d'Subsiden an d'Hëllef, déi gaange sinn a Krisegebidder.

Ech begreissen awer och, dass d'Regierung d'Plusvaluë benotzt - sou wéi et am Accord de coalition vum 12. August 1999 festgehale gouf -, fir virun allem d'Fonds d'investissements zousätzlech ze speisen. Zum Beispill kritt de Fonds pour le raccordement ferroviaire zousätzlech zwou Milliarde Frang, fir d'Participatioun vu Lëtzebuerg um Finanzement vum TGV-Est ze finanzéieren, wat eng ganz gutt Saach ass. De Fonds du rail kritt zousätzlech 1,5 Milliarde Frang, fir de Programme pluriannuel 1999-2003 vum Fonds du rail vum November 1999 ze finanzéieren. Et gëtt och nach aner Fonds d'investissements, déi dotéiert ginn.

Mir stellen awer och fest, dass prévisiblement keen neien Emprunt muss opgeholl ginn, fir d'Investitiionsdépenses ze couvréieren. Et gesäit een, wann een dat do mat engem gewëssene Seriö kuckt, dass mer vill Geld hunn, awer net onbedéngt am Geld schwammen, dass mer dat Geld sollten huelen, net fir et einfach ëmzeverdeelen, mä fir an d'Zukunft ze investéieren.

Aus deene Grënn, déi ech elo opgezielt hunn, wäerte mir selbstverständlech dëse Projet de loi stëmmen.

M. le Président.- Den Här Gast Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt am Numm vun eiser Fraktioun dem Kolleg Weiler merci soe fir de Rapport, deen en eis hei gemaach huet, wou e virun allem all d'Excédents, déi mer iwwert de Wee vun de Plusvaluen erakuten, an hir Verdeelung hei opgezielt huet, esou dass mer net méi brauche weider op déi Chifferen anzegoen.

Et ass scho vu menge Virriedner gesot ginn, dass dat hei am Fong en neien Exercice ass, dee mer am Parlement maachen. Et ass fir d'éischt, dass iwwert de Wee vun engem Gesetz d'Plusvaluë verdeelt ginn. Och wann dëst Gesetz zäitlech net grad optimal gefall ass, an zwar well mer geschter mam Budget opgehale hunn an haut iwwert d'Plusvaluen diskutéieren, esou ass dat awer, mengen ech, net direkt engem seng Schold, mä et ass einfach aus der Tatsaach eraus gewuess, dass d'Chamber an der zoustänneger Kommissioun, zesumme mam Minister, an och op

Grond vu Motiounen, déi an der Vergaangenheet hei gestëmmt gi sinn, décidéiert huet, dëst Joer fir d'éischt iwwert deen do Wee iwwert d'Affectatiounen vun de Plus-valuen ze decidéieren. Fir d'Zukunft kann ech mir virstellen, dass mer, wann och kee groussen, dach awer en Décalage kréien, fir virun de Budgetsdebatten dës Prozedur, déi haut gemaach gëtt, kënnen ze diskutéieren.

De Rapporteur huet gesot, dass mir am Fong an der Kommissioun zwou, dräi Propositionen gemaach hunn, wéi mir eis géife virstellen, wéi d'Plus-valuen anescht kéinten affektéiert ginn. Et ass richtig, dass mer Fonge mussen hu fir all déi Projeten, déi d'Chamber an deene vergaangene Méint a Joren hei gestëmmt huet, déi nach net realiséiert sinn, mä realiséiert wäerte ginn oder am Begrëff sinn, realiséiert ze ginn, dass et scho gutt ass, dass mer Fongen an eise Stat kënnen uleeën, fir de Finanzement vun deenen Investitiounen ze garantéieren, ouni an deenen nächste Jore mussen op gréisser Emprunten zréckze-gräifen, au contraire och Emprunte kënnen ofgebaut ginn, fir dass a siwe Joer de Lëtzebuerger Stat, wann déi Richtung, déi ugi ginn ass, stëmmt, keng Emprunte méi lafen huet.

Anescht ass et awer bei de Gemengen am Land. Mir hate gëscher schonn eng Diskussioun, an ech wëll dat haut och nach uschwätzen. Mir stelle fest, dass d'Emprunte bei de Gemenge vu Joer zu Joer zouhuelen. Et gëtt sécherlech eng Dose vu Gemengen am Land, haaptsächlech am Zentrum, an der Stad selwer oder ronderëm d'Stad, déi eng ganz gutt finanziell Situatioun hunn. Et gëtt och kleng Gemengen - ech gesinn hei d'Mme Buergermeeschter vu Mondorf, déi d'Chance huet, an hirer Gemeng e Casino ze hunn, deen der Gemeng relativ vill ofwerft; ech gesinn d'Mme Buergermeeschter vu Betzder, déi d'Chance huet, d'SES an hirer Gemeng ze hunn -, déi iwwer esou eenzel Betriber staark ënnerstëtzt ginn.

M. Alex Bodry (LSAP). - D'Lea Linster.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Dem Lea Linster säi Kapital läit am Wäikeller, an dovu kënnen mir net profitéieren, just dass mer emol heiansdo eppes do kënnen investéieren. Ech kann awer jidderengem déi Adress recommandéieren.

Här President, mir stelle fest, dass d'Recettë bei de Gemengen net deementspreechend klammen, wéi dat beim Stat de Fall ass. Mir hunn dat gëscher diskutéiert. Tëscht 8 an 9 % ginn d'Gemengerecetten 2001 an d'Luucht. Dat ass awer net linear, mä do sinn och d'Subventiounen un d'Gemengen dran abegraff, Gemengen, déi keng Projekte kënnen maachen oder Projekte scho gemaach hunn, déi elo vu staatlecher Säit staark subventionnéiert ginn an dann net vun de Subsidien esou kënnen profitéieren. Deenen hir Progressioun läit souguer d'nächst Joer ënner 8 %.

Mir stelle fest, wann een esou d'Rapporen an den Zeitunge liest iwwert d'Gemengebudgeten, dass souguer Gemengen, déi viru Joren net hu brauchen op Emprunten zréckgräifen, och elo mussen op Emprunten deelweis oder massiv zréckgräifen, fir hiren Investitiounsprogramm, dee sécherlech noutwendeg ass am Interesse vun deem, wat d'Bierger haut vun enger moderner Gemeng verlaangen, ze finanzéieren.

Wa mer also feststellen, dass op där enger Säit de Stat grouss Reserven huet, dass e seng Schold kann iwwer e puer Joer ofbauen, an op där anerer Säit Gemengen, jiddefalls 90 % vun de Gemengen, keng Reserven hunn an hir Schold zouhëlt, da gesi mir, dass do e gewëssen Déséquilibre tëscht de Stats- an de Gemegefinanzen entstanden ass, an dofir ware mir der Meenung, dass een och hätt solle vun de Plus-valüë profitéieren, fir en Deel vun deem Geld de Gemengen zoukommen ze loossen.

En anere Punkt, wou mir der Meenung sinn, dass een en hätt kënnen grënnen, ass de Pensiounsfong. Mir hunn dat schonn hei virbruecht. Unerkannte Bureaux d'études hu schonn déi Iddi opgegraff, dass ee sollt vun där gudder wirtschaftlecher Situatioun profitéieren, fir spezifesch Pensiounsfongen ze maachen.

D'Regierungserklärung hält och fest, dass um Niveau, esou wéi d'Regierung et seet, vun den ënneschte Renten, vun den Hongerrenten, eppes soll geschéien. Wann ech dat gutt interpretéieren, soll dat och iwwert de Statsbudget finanzéiert ginn. Dat ass also, och wann et kee Fong ass, dach awer en neie Wee, wéi mir an d'Finanzéierung vun de Pensiounen agraifen. Dofir, mengen ech, wier et och an der Logik, dass een da géif higoen an dat esou dotéieren, sief et am Budget oder iwwert de Wee vun engem Fong, wou een dann och kéint deen Zousaz, deen ee wëllt iwwert dee Wee deene kleng Pensiounen ginn, finanziell méttel- a laangfristeg ofsécheren.

En anere Punkt ass een, deen eis als ADR scho laang um Mo läit. Dat si gewëssen Transferten, déi geschéien, wou de Statsbudget am Fong zënter 1993 entlaascht gëtt. Ech wëll mech erklären. Dat hänkt zesumme mat der Préretraite, déi mir agefouert hunn.

D'Préretraite, déi mir an de Krisejoren agefouert hunn, virun allem an der Stolindustrie, ass ëmmer iwwert de Fonds pour l'Emploi integral finanzéiert ginn. 1993 ass eng Gesetzesännerung komm, an zwar ass do gesot ginn, dass bei de Leit, déi an der Préretraite sinn, déi verschidde Pensiounskeesen missten de Montant, deen d'Leit kriterien, wa se an der richteger Pensioun wieren, un de Fonds pour l'Emploi iwwerweisen.

Dat huet da mat sech bruecht, dass vun 1993 u bis elo den Oktober dëst Joer 6.815.346.531 Milliounen vun de Pensiounskeesen, a priori vun der Privatbeamten- an Aarbechterpensiounskeesen, un de Fonds pour

L'Emploi iwwerwise gi sinn, fir dass de Fonds pour l'Emploi konnt d'Préretreite bezuelen.

Dat huet awer nach mat sech bruecht, dass dat en Erspuernis ass vum Statsbudget, well bis 1993 huet de Statsbudget dem Fonds pour l'Emploi déi ronn eng Milliard d'Joer, wat dat kascht huet, iwwerweisen, esou dass hei en Transfert gemaach ginn ass, wou de Statsbudget eng Milliard spuert.

Et muss ee wëssen, dass d'Préretreite am Fong en anere Modell ass, fir d'Leit net an de Chômage ze setzen, well wa mer déi Leit net an d'Préretreite gesat hätten, dann hätte mer déi weider als Chômeure gehat, an de Chômage wier och vum Stat bezuelt ginn. Dofir war et an der Logik, dass de Fonds pour l'Emploi ëmmer iwwert de Statsbudget gespeist ginn ass, bis zu engem gewëssen Zäitpunkt, wou intelligent Käpp op d'Iddi komm sinn, fir ze soen: Ma d'Pensiounskeesen am Privatsektor hu jo vill Geld; kommt, mer ginn déi Suen dohinner sichen.

Mä net genuch domat, dass d'Pensiounskeesen aus dem Privatsektor am Fong de Chômage indirekt musse finanzéieren, well se d'Préretreite musse finanzéieren; de Fonds pour l'Emploi mécht och nach e Geschäft mat deem Transfert, deen do geschitt, well et gëtt vun de Pensiounskeesen net nëmme méi de Montant un de Fonds pour l'Emploi net méi iwwerweisen, deen d'Préretreite kascht, mä et gëtt den integrale Montant iwwerweisen, deen d'Leit kriterien, wa se an der Pensioun wieren. Souguer wann d'Leit méi Pensioun kriterien, wéi d'Préretreite kascht, da kritt de Fonds pour l'Emploi den integrale Montant iwwerweisen a kann also nach e Geschäft do maachen. Dat Ganzt ass den 29. November an enger Äntwert op eng Question parlementaire vu mengem Fraktiounskolleeg Aly Jaerling vum Minister vun der Sécurité sociale confirméiert ginn. Och déi Chifferen, déi ech elo grad hei genannt hunn, sinn do confirméiert ginn.

Ech géif mengen, dass d'finanziell Situatioun vum Stat haut awer esou gutt wier wéi och an deene leschte Joren, dass déi Moosnam do sécherlech net méi bräicht weider ze bestoen, dass d'Pensiounskeese musse d'Préretreite bezuelen, mä dass de Stat, deen op där anerer Säit jo och de Chômage muss bezuelen, misst d'Préretreite bezuelen, well hei sinn effektiv, wa mer d'Zësen derbäi rechnen, iwwert déi siwe Joer iwwer 7 Milliarden, kann ee bal soen, gestuel ginn. Dir wësst, dass mir virun 30 Joer eng Kéier déi grouss Diskussioun vun engem Rentenklau haten. Déi Leit, déi deemools dee Rentenklau agefouert hunn, waren och hei dru bedeelegt, wéi dësse Rentenklau un de Pensiounskeese vum Privatsektor 1993 décidéiert ginn ass.

E weidere Punkt ass: Wann Der wëllt de Fonds pour l'Emploi iwwert de Statsbudget finanzéieren, wann

Der wëllt de Gemenge méi Suen zoukomme loossen, wou spuere mer déi Gelder dann an?

Et gëtt eng Rei vu Moosnamen, wou een, eiser Meenung no, kéint aspueren. Et kéint een am Fong selwer Transferte maachen. Zum Beispill kéint ee soen: Fir de Fong vun der Dette publique, wou zwou Milliarden elo drop ginn, fir Scholden ofzebauen, vu dass d'Statschold esou niddreg ass, ass am Fong keen absolute Besoin do, fir ze soen, mir musse d'Statschold ofbauen. Do wieren da Gelder. Et kann een awer och an der dagdeeglecher Gestiou vum Stat Gelder aspueren. Mir hunn dës Deeg esou vill hei iwwert d'Dépassementer diskutéiert an iwwert d'Prozedur, wéi esou Dépassementer sollen an Zukunft vum Parlament de Sege kréien, dass ee sech d'Fro stelle kann: Firwat hu mer esou enorm grouss Dépassementer? Ginn d'Dossieren net richteg opgestallt? Maachen d'Büroen hir Aarbecht net, maachen d'Verwaltungen hir Aarbecht net, dass esou grouss Dépassementer kënne virkommen, wéi dat an deene leschte Joren elo systematesch de Fall war?

Mir musse eiser Cour des Comptes d'Moyene ginn, déi eng Cour des Comptes an engem moderne Stat haut muss hunn, fir d'Finanzgestioun vum Stat ze kontrolléieren. Am Ausland ass dat jo bewise ginn; an Däitschland zum Beispill, wéi de Bundesrechnungshof fënnef Joer fonctionnéiert huet, ass erwise ginn, dass eleng iwwer e gudde Fonctionnement vum Rechnungshof konnten tëschent 10 a 15% vun den Dépenses agespuert ginn.

Also, och hei musse mer vill méi rigid mat de Statsfinanzen ëmgoen, a mir däerfe virun allem net op e Wee goen, deen eng absolut Transparenz dem Parlament virenhält. Mir warnen do dervir, an et ass gesichter hei ugeklongen, dass d'Regierung an d'Majoritéit net sollen op dee Wee goen, dee wirklech net d'Zoustëmmung vun der Oppositioun ka fannen, wou grouss Dépense kéinte gemaach ginn, déi der Kontroll vum Parlament, respektiv vun der Cour des Comptes géifen entzu ginn.

Do gëtt et Méiglechkeeten, wann ee gewëllt ass, Gelder anzespueren. Bei der aktueller Finanzsituatioun vun eisem Stat däerfte selbstverständlech déi do Finanzementer alleguer duerchaus méiglech sinn. Well d'Regierung awer net bereet ass, mat op en anere Wee ze goen, ass et och selbstverständlech, Här President, dass mer dësem Projet de loi eis Zoustëmmung net kënne ginn.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här François Bausch.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Bodry huet relativ vill hei gesot iwwert d'Prozedur, déi mir eis hei ginn hunn, fir d'Plus-valuen dës Joer ze affektéieren, an en huet gemengt, dass eigentlech dat, wat mer hei maachen,

näischt Neies wär par rapport zu deem, wat gemaach ginn ass an der leschter Legislaturperiod.

Ech muss deem awer widdersprieche, och wann ech direkt wëll virausschécken, dass och mir net zefridde si mat där Prozedur an ech op der Linn leie vun deem, wat den Här Bodry hei analyséiert huet. Et ass trotzdeem an där Hisiicht eng nei Prozedur, dass mer iwwert e Gesetz d'Plus-valuen affektéieren, an donc - an do ginn ech him Recht - si mer nach ëmmer net am 100 %egen Aklang mat dem Kontabilitéitsgesetz, mä zumindest ass emol eng legal Basis do, wéi mer d'Plus-valuen affektéieren.

Bei där leschter Regierung war jo agefouert ginn, dass en Débat hei stattfonnt huet an op Basis vun enger Motioun vun der Majoritéit décidéiert ginn ass, wouhinne d'Plus-valuë sollen affektéiert ginn. Menger Meenung no steet awer déi Prozedur op rechtlechem Niveau op wackelege Féiss. Duerch de Fait, dass et e Gesetz ass, dat verofschied gëtt, ass zumindest dee rechtleche Vakuum, deen do existéiert, an där Hinsicht e bësse behuwe ginn.

Ech wëll awer direkt dobäi soen, dass mer natierlech net an deem Szenario sinn, dee vum finanzpolitesche Spriecher vun der Demokratescher Partei zum Beispill an der leschter Legislaturperiod ëmmer verlaangt ginn ass, nämlech op de Wee ze goe vun engem Budget rectifié.

Ech wëll awer och hei soen, dass dës Majoritéit, duerch déi Prozedur, déi se hei gewielt huet, eng Kéier geholl huet par rapport zu där Meenung, déi se nach hat ronderëm d'Budgetsdebatten, déi mer hei am Haus gefouert hunn am Dezember 1999, wou mer de Budget 2000 diskutéiert hunn, well am Kader vun deene Budgetsdebatten hat ech eng Motioun abruecht, wou zwar dra stoung, dass mer sollen op de Wee goe vun engem Budget rectifié, mä dunn huet déiselwecht Majoritéit, déi elo de Wee gewielt huet, fir ëmmerhin e Gesetz ze maachen, fonnt, dass dat alles net noutwendeg wär an ee soll déi Prozedur bäibehalen, déi déi fréier CSV/LSAP-Regierung an d'Wëer geleet hat, nämlech op de Wee vun enger Debatt an enger Motioun ze goen.

Meng Motioun ass deemools bei de Budgetsdebatten ofgeleent ginn, net nëmme well ech verlaangt hat, et misst e Budget rectifié gemaach ginn, mä och mam Argument, dass déi Prozedur, déi an der Vergaangenheet ugewannt ginn ass - 1998 war et déi éischte Kéier -, géif duergoen, dass dës Majoritéit wëllt an där Richtung weiderfueren.

Ech muss awer da soen, dass ech eigentlech, obschonn een deen Ennerscheid menger Meenung no muss maachen, dem Här Bodry Recht ginn, wann en drop verweist, dass dat hei, wann een d'Comptabilitéitsgesetz ganz strikt kuckt, net 100 %eg eng legal Basis duerstellt, dass een eigentlech misst entweder de

Budget rectifié aféieren oder zumindest och am Comptabilitéitsgesetz iwwert déi Prozedur, déi haut ugewannt gëtt, e Passus asetzen.

Ech mengen, mir sinn hei e bëssen an engem ähnleche Fall wéi an deem, dee mer gëschter an och déi lescht Woch diskutéiert hunn, wou et ëm d'Dépassementer geet, wou ech gesot hunn, dass et fir eis wichteg ass, dass mer eis Gesetzer ginn, déi 100 %eg kloer sinn, dass mer net Prozeduren aféieren, wou och nëmme dee geréngsten Doute besteet, dass se net kéinten an Aklang si mat eise Gesetzer. Zumools wann et ëm Statscomptabilitéit a Statsfinanze geet, hu mer all Intérêt, als Parlament wachsam ze sinn an ze versichen, do net dee geréngsten Doute opkommen ze loosse.

Ech ginn dofir och dem Här Bodry Recht, dass, wa mer bei där Prozedur wëlle bleiwen, déi mer elo gewielt hunn, déi menger Meenung no besser ass wéi déi, déi mer an der leschter Législatur haten, well duerch de Fait, dass et e Gesetz ass, rechtlech gesi méi en ofgescherte Rahme besteet, mä awer och d'Diskussioun, well se separat gefouert gëtt - a si soll jo an Zukunft an der éischter Halschent vum Joer gefouert ginn -, eng aner gëtt ronderëm déi Plus-valuen, wéi wa se, wéi dat fréier gemaach ginn ass, mat de Budgetsdebatten zesumme gefouert ginn ass, mer awer fir déi Prozedur, wa mer déi wëllen an Zukunft bäibehalen, solle légiféieren an am Comptabilitéitsgesetz deementspreechend e Passus bäisetzen.

Zum Inhalt vun dësem Gesetz, dat heescht, wouhinne déi Plus-valuen affektéiert gi sinn, ass et natierlech fir eis als Gréng kloer - an de Rapporteur huet dat jo och schonn ënnerstrach -, dass mir eleng scho weinst dem Inhalt, wou se affektéiert ginn, net mat dësem Gesetz d'accord sinn an et net kënne stëmmen, mä och weinst der Prozedur, well eng ganz Rei Fonge gespeist gi mat Gelder, déi verwennt gi fir Projeten, géint déi mir gestëmmt hunn, wéi se hei am Parlament zur Diskussioun an zum Vote komm sinn, virun allem natierlech eng Rei Projeten, déi am Fonds des Routes festgeschriwwen sinn. Ech denken do haaptsächlech un d'Nord- an un d'Saarstrooss. Et schéngt eis an där Logik normal ze sinn, dass, wa mer deemools géint déi Projete gestëmmt hunn, mer natierlech och hei net kënne fir eng zousätzlech Affectatioun iwwert d'Plus-values-Gesetz fir déiselwecht Projete stëmmen. Dat heescht, mir mussen an där Logik och dergéint stëmmen.

Mä dat ass awer net eleng d'Argument. Mir sinn och der Meenung, dass virun allem beim Fonds des Routes misst endlech eng Reform ageleet ginn, déi souguer och d'CSV, wéi se an där leschter Regierung war, ëmmer mat kritiséiert huet, an och esouguer deen heitege Budgetsminister, déi Zäit, wéi e President vun der Finanzkommissioun an och Rapporteur vum Budget war. Hien huet a sengem deemolege Budgets-

rapport e längeren Exposé gehalten an och niddergeschriwwen, dass, wat de Fonds des Routes an de Bauteberäich ubelaangt, misste méi strikt Regeln opgestallt a virun allem misst gekuckt ginn, dass an Zukunft de Fonds des Routes, wann et drëm geet, sech un d'Gesetz an un d'Constitution ze halen, méi misst op d'Fangere gekuckt kréien.

Ech wëll e Beispill draus zitieren, wat ech domadder mengen. Mir sinn als Gréng der fester Iwwerzeegung, dass an der Vergaangenheet de Fonds des Routes méi wéi eng Kéier an der Illegalitéit gehandelt huet. E Beispill dovunner war de CITA-Projet, wou mer jo an der Tëschenzäit wëssen, dass en de Lëtzebuerger Stat wäert iwwer eng Milliard kaschten. Den deemolege Bauteminister Goebbels huet fir de CITA-Projet, wéi en en décidéiert an déi éischt Engagementer gemaach huet, gemengt, hie bräicht kee Gesetzesprojet ze maachen. En huet gemengt, hie kéint dat einfach esou iwwert de Fonds des Routes finanzieren.

Mir hunn du gesot, dat geet net, well hei handelt et sech ëm e Betrag, deem iwwert dem Seuil läit, dee virgesinn ass am Artikel 99 vun der Verfassung, respektiv dem Comptabilitéitsgesetz, dat dorunner hänkt, wou festgehalten ass, dass, wann e Projet iwwer e gewësse Seuil erausgeet, da muss e Gesetz gemaach ginn, ier d'Engagementer vum zoustännegen Minister geholl ginn. Mir hu gesot, dass de Fonds des Routes eng Praxis entwéckelt huet, wou e systematesch einfach laanscht den Artikel vun der Constitution an och laanscht dee betreffenden Artikel vum Comptabilitéitsgesetz fiert, dass dat net méi géif goen.

Dofir huet meng Kollegin Renée Wagener deemools och eng Proposition de loi agereecht, wou de Fonds des Routes deementspreechend sollt reforméiert ginn.

Dat ass och en Argument fir eis, firwat dass mer dëse Projet net stëmmen, well mer einfach dovun iwwerzeegt sinn, datt déi Praxis vum Fonds des Routes an deene leschte Méint a Joren net geännert huet. Et gëtt och keen Indice, dass dës Majoritéit eng Bereitschaft géif weisen, fir ze légiféieren, fir dass de Fonds des Routes méi streng Oplage kritt, dass e sech muss un d'Gesetz an un d'Constitution halen. Et ass dofir fir eis nach méi kloer, emol onofhängeg vum Fait, dass mer net kënnen déi Projekte matdroen, déi mat deene Sue finanziert ginn, dass mer net kënnen domat d'accord sinn, dass einfach weider Milliarde Gelder an dee Fong erageschleist ginn, déi dozou féieren, dass op eng zimlech onkoscher Aart a Weis déi Gelder herno an der Praxis wäerte verwennt ginn.

Mir sinn der Iwwerzeegung, dass, esou laang wéi de Fonds des Routes net méi streng Oplagen an där doten Hinsicht kritt, mir prinzipiell net méi einfach wäerten zustëmmen, dass Gelder affektéiert ginn an dee Fonds des Routes, onofhängeg dovunner ob mer

mat de Projeten d'accord sinn, déi iwwert dee Fong finanziert ginn oder net.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir fannen, dass engersäits déi Prozedur, déi mer dëst Joer gewielt hunn, gewëssermooes besser ass wéi dat, wat an der Vergaangenheet gemaach ginn ass, dass se awer nach ëmmer net an der totaler Legalitéit ass. Dofir kënnen mer net zefridde si mat där Prozedur, a mir mengen, dass do missten eng Rei gesetzlech Ännerunge virgeholl ginn. Anerersäits kënnen mer net mat der Affectation, esou wéi se virgeholl gëtt, esougutt inhaltlech wéi och aus deene Grënn, déi ech zum Schluss genannt hunn, d'accord sinn. Dofir wäerte mir dëse Gesetzesprojet och net stëmmen.

M. le Président.- Als leschten Diskussionsriedner ass den Här Aloyse Bisdorff agedroen. Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- De Budget vum Joer 1999 hat ofgeschloss mat engem Iwwerschoss vun 200 Milliounen, an elo gesi mer, dass et der dann elo, nodeem all déi Einnahmen erakomm an déi Iwwerschëss ze verzechnen sinn, 17,5 Milliarde sinn. Dobäi muss ee soen, dass déi Plus-valuë sech a Wierklechkeet op ronn 20 Milliarde belaf hunn, well gläichzäiteg och Mehrausgabe vu ronn zwou Milliarde getäteg gi sinn.

Et ass nach ëmmer déiselwecht Diskrepanz, déi och soss scho war. An de Budgetsdebatte gëtt sech gestriden iwwert déi Kreditter. Et gëtt gesot, d'Budgetsnorm muss absolut agehale ginn, och wat d'Ausgaben ubelaangt, an dann, e puer Joer duerno, gesäit déi Finanzsituatioun ganz anescht aus.

Ech wëll allerdéngs soen, dass versicht gëtt, fir de Budget 2001 eng bestëmmte Korrektur ze maachen, déi awer och nëmme relativ ass, déi net der Realitéit als solch entsprécht, well och do wäerte fir d'Joer 2001 nach Plus-wäerten ufalen, déi net am Budget virgesi sinn.

Et wonnert wuel keen, dass bei där Verdeelung de gréissten Undeel erëm an de Stroossebau fongt. Dat ass d'Lieblingskand vun der Regierung. Mir sinn awer an enger Situatioun, wou d'Bauwirtschaft eng bestëmmten Iwwerhëtzung weist. Dat geet och ervir aus dem Konjunkturbarometer, deem d'Chambre des Métiers elo kierlech erausginn huet. Dat féiert dozou, dass d'Baupræisser an d'Terrainspræisser klammen.

Währenddeem d'Gemengen ebenfalls op deem Gebitt do täteg sinn, hir Infrastrukturen doduerch méi deier ginn an et och méi schwéier ass, fir se ze maachen, kann esou eppes de Stat ouni grouss Problemer erdroen, well hien ebe seng grouss Mehreinnahmen huet.

D'Gemenge profitieren net dovunner. Et gëtt zwar gesot, dass, wa Mehreinnahmen op deem Gebitt sinn, wou d'Gemengen un de Steiere bedeelegt sinn, se

dovunner dann och méi kréien, awer tëschent dem globale Wuesstum vun den Einnahme vum Stat an deene vun de Gemenge besteet eng grouss Diskrepanz.

Währenddeem de Stat elo seng Scholden ofbaut - an et gëtt gesot, dass se kéinten op Null ofgebaut gi bis d'Joer 2007 -, sinn d'Gemengen awer gläichzäiteg forcéiert, fir weider Scholden ze maachen. Et misst am Fong geholl dofir gesuergt ginn, dass dee gesamte Volume vun öffentliche Einnahmen, déi de Stat mécht, och säin Nidderschlag bei den Einnahme vun de Gemenge géif fannen, well si sinn déi, déi e ganz groussen Undeel un der wirtschaftlecher Entwécklung an eisem Land hunn. Wann ee kuckt, dass d'Investeiere vun de Gemengen alleguer an d'Infrastruktur, déi se opbauen, vis-à-vis vun där vum Stat guer net esou wäit offällt... Hir wirtschaftlech Bedeitung ass net wäit ewech vun där vum gesamte Stat, awer si mussen dat ënner vill méi schwierige Bedéngunge maachen.

Firwat déi Mehreinnahme kommen, dat gëtt einfach esou hiehell, ouni elo ze soen, wat déi déif Ursaach dofir ass. Wou läit de wirtschaftlechen Hannergrond dovunner? Einfach nëmmen déi Saach feststellen, ouni ze kucken, wat d'Ursaachen dovunner sinn, dat ass natierlech e bestëmmte Feeler, deen an där ganzer Geschicht ass.

Dofir huet och d'Kommissioun drop higewisen, dass misst eng Analys gemaach ginn, firwat dass déi wirtschaftlech Entwécklung an déi Richtung geet, dass déi Mehreinnahmen do kommen.

Ech hu gesot: De Stat baut seng Scholden of, mä en huet gläichzäiteg, währenddeem se ofgebaut ginn, schonn eng Deckung vu bal 50 %. An deem Fonds de Réserve vun der Statsschold ass en Avoir dran, deen ongeféier 50 % vun de Scholde schonn ofdeckt. Dat ass bei de Gemengen absolut net de Fall. A well d'Terrainen eng grouss Roll spillen, kéint ee sech d'Fro stellen, ob de Stat net sollt higoen an en Deel vun deene Reserven, déi zur Ofdeckung vun der Schold do sinn, investéieren, andeem dass Terrain opkaf gëtt.

Ech géif souguer esou wäit goen ze soen, dass de Stat och kéint e Fonds de Réserve foncière schafen, fir der Terrainsspekulatioun an engem gewësse Sënn entgéint ze wierken. Déi Wäerter, déi an deenen Terraine leien, wiere genau esou gutt eng Ofdeckung vun der Schold, wéi dat elo direkt Geldmëttel sinn, déi an deene verschiddene Fonge sinn.

Déi Opdeelung also vun dese Plus-valuen - vun dese Mehreinnahmen - aus dem Joer 1999, sinn eiser Meenung no net ganz gerecht. Op alle Fall ass et fir d'Gemengen, déi guer näischt dovu kréien, net richtig, well hir Aktivitéit - wéi virdru gesot - um wirtschaftleche Plang genausou bedeutungsvoll ass wéi déi

vum Stat. Dat ass och d'Ursaach, firwat ech meng Zoustëmmung zu dëser Opstellung net ka ginn.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Budgetsminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech op e puer Remarquë limitéieren.

Fir d'éischt wëll ech meng Freed driwwer ausdrécken, dass mir iwwerhaupt an dësem Land eng Debatt iwwer Plus-value kënne féieren, wat jo en Excédent des recettes ass. Mir kréie méi Einnahmen eran, wéi mir uganks virgesinn haten. Et wär mäi Wonsch als Budgetsminister - an ech wënschen dat och deenen, déi no mir eng Kéier déi Charge wäerten hunn -, dass mir bei där Situatioun kënne bleiwen. Dat wësse mir awer net, an dofir solle mer, iwwer all prozedural Diskussioun ewech, déi virun allem de Moien dëst Haus beschäftigt huet, eis driwwer freeën, dass mir als Resultat vun der Economie a vun der Politik - ech kommen op dat zréck, wat ech geschier gesot hunn - iwwerhaupt en Iwwerschoss u Recetten hunn.

Meng zweet Remarque, déi ech wollt maachen, ass déi fir ze soen, dass et et gutt fannen, dass d'Parlament hei d'Affektatioun vun dësem Iwwerschoss u Recetten duerch e Gesetz approuvéiert. Ech wëll awer och soen, dass et richtig ass an och esou muss bleiwen, wéi et am Kontabilitéitsgesetz steet, dass et dem Budgetsminister säi gesetzlecht Recht ass, en Iwwerschoss u Recetten un d'Dépenses ze affektéieren.

Well ech weisen drop hin, dass am deeglechen Oflaf vun de Regierungsgeschäfter, de Budgetsminister ganz oft muss Dépassementer vu Kreditter autoriséieren, an déi Suen, déi hie méi ausgëtt, sinn Iwwerschëss vu Recetten, déi hien op där anerer Säit erakritt. De Budget ka jo net mat der leschter Präzisioun opgestallt ginn. Et kommen och nei Obligatioune während dem Joer op eis zou.

Mä och fir déi Dépassementer wëll ech hei nach eng Kéier soen, dass dat an aller Transparenz geschitt, well Dépassementer, déi de Budgetsminister autoriséiert, ginn an der Chamber deposéiert, an déi zoustänneg Kommissioun vum Parlament kënnen déi Dépassementer natierlech kucken a kënnen och zu all Moment de Budgetsminister dozou ruffen.

Eng Regierung ass a bleift an enger parlamentarescher Demokratie ëmmer responsabel virum Parlament. Dofir geschitt hei näischt hanner zouenen Dieren, mä dat geschitt selbstverständlech ëmmer ënnert den Ae vum Parlament.

Ech fannen et awer grad esou richtig - an dofir huet ee bei mir net misse vill drécken, fir dat do ze erreechen -, dass, wa ganz grouss Zommen u speziell Fongen affektéiert ginn, een dann d'Parlament a

senger gréisster Ausdrucksform freet, nämlech duerch d'Stëmme vun engem Gesetz. Ech mengen, d'parlamentaresch Demokratie geet gestärkt aus dëser Prozedur ervir.

Et ass net esou, datt dës Prozedur eng nei gesetzlech Basis brauch. Dat hei ass e Gesetz, grad esou wéi d'Kontabilitéitsgesetz. All Gesetz huet déiselwecht Valeur. Wann de Budgetsminister am Kontabilitéitsgesetz d'Recht huet, Dépassementer vun de Kreditter ze approvéeieren, da behält en dat Recht. Mä d'Regierung ka grad esou a parallell dozou mat engem Projet an d'Chamber kommen. Dofir brauch een d'Kontabilitéitsgesetz net ofzeänneren.

Den Här Bodry huet virdu Folgendes gesot: „D'Parlament ass ofhängeg vum bon vouloir vun der Regierung.“ Ech mengen, datt dat awer wierklech an der parlamentarescher Demokratie falsch ass, well et ass ëmgedrëit. A tout moment kann d'Parlament d'Regierung zu eppes obligéieren. A tout moment kann d'Parlament der Regierung Obligatiounen ginn, hir d'Vertrauen ausschwätzen an et och oferkennen.

M. Alex Bodry (LSAP).- Dir wësst jo awer och, wéi déi politesch Realitéite sinn.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Dofir ass et falsch, wann ee seet, datt d'Parlament vun der Regierung ofhänkt. Am Fong geholl misst eis dat jo op der Regierungsbänk gefalen, mä mir sinn net esou. Mir sinn der Meenung, datt d'parlamentaresch Demokratie eppes Wäertvolles ass. Dofir wëll ech hei soen, datt ech och d'nächst Joer mat den Excédents vun de Recettë vum Joer 2000, déi mir hoffentlech och dann hunn, e Projet de loi an der Chamber deposéieren. Ech wëll och hei dem Parlament soen, datt ech dat esou schnell wéi méiglech maachen.

Ech wëll awer hei och soen, datt ech den Dépôt vun deem Projet de loi den 11. Juli gemaach hunn, datt de Conseil d'Etat säin Avis den 3. Oktober ginn huet, datt et also net un der Regierung an och net um Conseil d'Etat gehaangen huet, datt mir haut eréischt doriwwer diskutéieren. Mä d'Parlament ass selbstverständlech souverän iwwer säi Kalenner. Ech wäert versichen, soubal mir d'Resultater vum Joer 2000 definitiv kennen, fir de Projet op de Wee ze ginn.

Meng drëtt Remarque bezitt sech op déi Affektatioun, déi mir hei virgesinn. Et war de Wunsch vun der Regierung, fir mat deenen Iwwerschëss virun allem Investitiionsausgaben ze tätigen an d'Fongen ze dotéieren. Well mir wëssen, datt déi Fonge grouss Investitiionsausgaben an deenen nächste Joren, op Grond vu Gesetzger déi dëst Parlament gestëmmt huet, musse maachen.

De Spriecher vun der sozialistescher Fraktioun huet gemengt, datt een hei keng kloer Linn géif gesinn. Mä déi kloer Linn ass an eisen Aen awer ganz däitlech do,

nämlech well ech effektiv als Budgetsminister an der Finanzkommissioun gesot hunn, datt mir eis virun allem u finanzpoliteschen Ziler orientéiert hunn,...

M. Alex Bodry (LSAP).- Do steet „uniquement“.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- ... well de Budgetsminister dat als seng Aufgab huet. Mä déi politesch Prioritéiten huet d'Parlament an d'Regierung op een anere Moment gesat. Well et ass d'Parlament, op Grond vu Propositionen vun der Regierung, dat seet, wat am Land soll gebaut ginn a wat soll gemaach ginn. Et ass da meng Aufgab ze kucken, datt déi och kënne finanzéiert ginn. Dofir gëtt et do keng Contradictioun, mä dat ass einfach d'Rollenopdeelung innerhalb vun enger Regierung.

D'Finanzéierungsbesoine vun de Fongen hunn ech net nëmmen op ee Joer gekuckt. Wann den Här Bodry hei de Conseil d'Etat zitéiert a gesot huet, et wär eng heftig Kritik vum Conseil d'Etat do gewiescht, datt verschidde Fongen am Horizont 2004 net equilibréiert wäeren, da wëll ech soen, datt ech iwwert déi laang Zäit gekuckt hunn, an och iwwer 2004 eraus, a verschidde Fongen effektiv méi dotéiert hunn, wou ech weess, datt d'Ausgaben an deenen nächste Jore grouss sinn. Ech denken, datt jiddfereen heibanne sech de Gesamtvolumen ugekuckt huet.

Ech géif awer subsidiaresch dobäi soen, datt bis 2004 bekanntlech nach 2001, 2002 an 2003 ass, an datt ee selbstverständlech déi dräi Joer duerno ka kucken, fir - wann an deem engen oder anere Fong en Déséquilibre besteet - dat da prioritär deene Fongen ze ginn. Ech wäert mir dat ukucken, soubal mir elo déi nei Opdeelung musse maachen. Wéi gesot, den Horizont 2004 ass nach laang.

Ech wëll awer och dobäi soen - an ech sinn do dem Här Rippinger dankbar, datt hien nach eng Kéier drun erënnert huet -, datt mer net am Geld schwammen, well einfach d'Besoinen vun deene Fonge grouss sinn. Wa verschidde Fonge vläicht am Déséquilibre sinn an aner Fonge vläicht am Boni sinn, da kann een dat ajustéieren.

Da muss een nach ëmmer wëssen - an ech hat dat a menger Budgetsried gesot -, datt mir eleng vun deene Projeten, déi heibanne gestëmmt gi si bei den Investitiionsbauten, nach iwwer 100 Milliarden ze bezuelen hunn an eréischt Avoiren an de Fongen hunn vun eppes ëm déi 70 Milliarden. Mir mussen also ganz substantiell Dotatiounen, och an deenen nächste Joren, an déi Fonge maachen, fir iwwerhaupt kënnen dee ganzen Investitiionsprogramm ze finanzéieren.

Ech hu just gesot, datt mir dofir mussen op deem Kurs bleiwe wou mer sinn, well soss kann dat am Horizont 2004 net riicht ausgoen. Mir wäerten alles dru setzen, fir op deem Wee ze bleiwen, ouni nei Statsschold ze maachen. Ech wëll do nach eng Kéier soen, datt et bei

der Statsschold - den Här Gibéryen wéi och den Här Bisdorff hu vun der Statsschold geschwat - fir mech ëmmer wesentlech war, datt een déi Statsschold kann am richtege Moment, ouni, wéi d'Ausland et mécht, erëm nei Schold opzehuelen, zrëckbezuelen.

Ech hu schonn am Parlament erkläert, datt dee System vun deenen OLUXen, deen an där leschter Legislaturperiod gemaach ginn ass, mat sech bréngt, datt een an engem gewëssene Moment muss alles zrëckbezuelen. Mir kënnen also net anticipativement zrëckbezuelen, mä déi mussen zrëckbezueelt ginn, besonnesch an de Joren 2003 an 2004, wou eppes ëm déi 16 Milliarde mussen zrëckbezueelt ginn.

Fir do net mussen un déi normal Ausgabe vum Budget schneiden ze goen, hunn ech et ëmmer als meng Aufgab ugesinn, fir eis vun den Excédents vun de Recetten eng Mouk ze maachen, mat där mir kënnen an deem Moment déi Schold zrëckbezuelen, ouni gréisser Zickzacken an de Budget ze kréien. Eise Fong vun der Statsschold ass esou dotéiert, datt mir dat kënnen bewältegen, à condition datt mir gutt Einnahmen d'nächst Joer hunn, dat och erëm mat sech bréngt, datt mir eng Ekonomie hunn, déi schnell dréit. Ech erënneren do un d'Diskussioun, déi mir gëschter iwwert d'Croissance haten.

An deem Sënn mengen ech, datt dee Projet hei en Element ass, wou mir an enger klorer politescher Linn sinn, datt mir eis hei eng Prozedur ginn hunn, déi d'parlamentaresch Demokratie stäerkt an datt ee selbstverständlech déi Ausgabe muss ëmmer erëm nei analyséieren.

Den Här Bodry huet gemengt, datt de Pluriannuel net op deene richtegen Donnéeë géif baséieren. E baséiert op deene selwechte wéi déi, wou den Här Bodry an der Regierung war. Dofir sinn ech dankbar, datt den Här Bodry gesot huet, datt een all déi Bauprojeten - besonnesch bei der Evolutioun vun de Baupräisser - ganz genau ënnert d'Lupp huele muss.

Dat wäert och erklären, firwat d'Bauteministesch mat Dépassementer an d'Chamber kënnt. Gëschter sinn déi Dépassementer kritiséiert ginn. Do ass ee vun de Punkten, deen dozou bäidréit. Mir wäerten da missen eng Kéier all déi Bauprojeten nokucken, dofir hu mir jo gëschter iwwert déi Prozedur geschwat, dann adaptéiert een och forcément de Pluriannuel.

Déi Sätz vum Här Bodry sinn utile, wa mir déi Diskussiounen iwwer verschidde Projets de loi kréien, déi och d'Mme Minister vun den Travaux publics déposiert huet.

Ech géif zum Schluss der Finanzkommissioun wëlle soen, datt si sech fir dës gutt Aarbecht an deene leschte Méint mat ville Projete beschäftegt huet, wéi d'Budgets- an d'Plus-valuesgesetz. Ech wëllt der Kommissioun a besonnesch dem Rapporteur, dem Här

Lucien Weiler, merci soe fir hir Aarbecht, an ech wär frou, wann dee Projet eng breet Zoustëmmung am Parlament géif kréien.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zu der Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4686 a stëmmen doriwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of iwwert dee virleiende Gesetzesprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 34 Jo-Stëmmen, 25 Nee-Stëmmen an 1 Abstentioun.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Willy Bourg), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Claude Meisch), John Schummer et Théo Stendebach (par M. John Schummer).

Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Zanussi), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Fernand Greisen) et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

S'est abstenu: M. Jean-Pierre Koepp.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

1014

Et ass esou décidéiert.

Wann Dir d'accord sidd, da géife mer mam Averstännis vum Här Minister a vum Berichterstatter elo de Projet de loi 4611 virhuelen. Dat ass eng Konvention. Da géife mer uschléissend zum Projet de loi iwwert den Ajustement kommen.

Sidd Dir domat averstanen?

(Assentiment)

Ech ginn dann d'Wuert un de Berichterstatter, den Här Norbert Hauptert.

3. Projet de loi 4611 portant transposition de la directive 98/26/CE concernant le caractère définitif du règlement dans les systèmes de paiement et de règlement des opérations sur titres dans la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier et complétant la loi du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Nobert Hauptert (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4611 ass net esou interessant wéi deen iwwert d'Plus-valuen, mä en ass trotzdem awer net manner wichteg, well en et eis wäert erlaben, datt eis Finanzplaz och an Zukunft nach besser a geuerdnet ka funktionéieren, wat et eis dann och erlabe wäert, datt mir an Zukunft nach iwwer Plus-valuë kënnen diskutéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Transferte vun de Suen a vun de Wäertpabeieren tëschent de Banken an anere Professionelle vum Finanzsektor geschéie scho säit laanger Zäit duerch d'Kompensation vu géigesäitege Scholden a Scholdfuerderungen, wou um Enn vum Dag nëmmen den Nettosold vun engem zum aneren iwwerwise gëtt. Am nationale Geldverkéier huet den Austausch am Kader vun enger deeglecher Réunioun tëschent de Responsabele vun de jeweilige Banke vun eiser Finanzplaz stattfonnt.

Mat der Liberalisation vun de Kapitalmäert an der fräier Circulation vum Geld, hunn déi Transferte sech multiplizéiert an implizéieren net nëmme méi d'Banke vun der nationaler Finanzplaz, mä d'Banke vun der gesamteuropäescher Unioun a souguer d'Banke vun der ganzer fräier Welt. Och treffen am Zäitalter vun de modernen Technologien déi Responsabel vun de Banke sech net méi eemol am Dag, fir hir Situatiounen ze begläichen, mä d'Transferten an d'Nettosituatiounen gi permanent enregistréiert an dat 24 Stonnen op 24.

D'Expansioun vun de Geld- an de Wäertpabeiertransferten huet eng Harmonisation vu verschiddene Regeln, déi virun allem de Moment festleeën, wou en Transfert als definitiv betruecht muss ginn, noutwendeg gemaach. Wann déi Regeln net harmoniséiert ginn, dann ass eng geuerdnet Regelung vum Transfert net méiglech, besonnesch an deem Fall, wou eng Bank, déi am System implizéiert ass, a finanziell Schwierigkeete geréit a géint déi eng Procédure d'insolvabilité ageleet gëtt.

Dës ass den Objet vun der Direktiv, déi duerch de Projet, deen hei virläit, an eist Gesetz soll transposéiert ginn. Déi wichtegst Prinzipien, déi d'Direktiv festleet, respektiv ofschaaft, sinn:

1. d'Irrévocabilité vun engem Transfert, dee vum Zuelungssystem acceptéiert gouf;
2. d'Ofschafe vum Prinzip vun der Réckwierkung vun enger Faillite op d'Stonn null vun deem Dag, wou se ugefrot gouf;
3. d'Dérogation zum Prinzip vun der Universalitéit an der Unitéit vun der Faillite.

D'Direktiv gesäit vir, dass déi Systemer, déi nom Prinzip vun der Kompensation funktionéieren, den Agrément bei den zoustännegen nationalen Instanzen - bei eis ass dat de Finanzminister - kënnen ufroen, awer net müssen. Am Fall, wou se den Agrément net hunn, fale se net ënnert d'Bestëmmunge vun der Direktiv an hir Transferte genéissen also net déi néideg Garantien, déi an der Direktiv virgesi sinn.

D'Chambre de Commerce an de Statsrot hunn de Projet begréisst an en Avis favorable ofginn. D'Lëtzebuerger a besonnesch déi europäesch Zentralbank hu méi en nuancéierten Avis ofginn. Si hu besonnesch eng Iwwerschneidung vun de Kompetenze vun der Commission de surveillance du secteur financier an den nationalen Zentralbanke kritiséiert. Doropshin huet d'Regierung de Projet amendéiert, andeem se d'Commission de surveillance du secteur financier nëmme mat der Iwwerwaachung vun deene Systemer beoptraagt huet, an deenen d'Lëtzebuerger Zentralbank net implizéiert ass.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt ofschléissend dem Direkter vum Trésor villmools merci soe fir seng opschlossräich Erklärungen zu dësem Projet, déi mäi Verständnis dozou wäitgoend erlichtert hunn.

D'Finanz- a Budgetkommission huet an hirer Sitzung vum 8. Dezember dëse Rapport ugeholl an der Chamber recommandéiert, dëse Projet ze acceptéieren. Heimat bréngen ech och d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun zu dësem Projet.

Ech soen lech merci.